



DONDELANGE
KEHLEN
KEISPELT MEISPELT
NOSPELT OLM

Déi gréng Kielen
2, am Pammelt
L-8390 Nouspelt

N.réf. 23/0055/CP

Service : Secrétariat
Dossier suivi par : Caroline Pellizzaro
T. 30 91 91-404
F. 30 91 91-200
caroline.pellizzaro@kehlen.lu

Objet : Äre Bréif vum 28. Mee 2023

Dir Dammen, Dir Hären,

Mir soen iech Merci fir äre Bréif vum 28. Mee 2023 betreffend d'Opstellung vu Verkéierspolleren. An der Kéier beim chineesesche Restaurant sinn effektiv, op eis Initiativ, esou Polleren opgericht gi fir d'Verkéierssicherheit ze verbessern.

D'Fro fir esou Polleren op anere Plazen opzerrichten hu mer eis och scho gestallt, den Inventaire vun esou Plaze gëtt dann och de Moment gemaach.

Mir soen iech wéi gesot Merci fir déi Plaze wou dir proposéiert, an dës ginn dann och an déi uewe genannten Iwwerleeungen agebaut.

An der Hoffnung dass dës Äntwert fir Iech, dir Dammen an dir Hären, zefriddestellend war, loosse mir Iech eis beschte Gréiss zoukommen.

Kielen, den 20. Juni 2023

Fir de Schäfferot,

De Buergermeeschter,
Félix Eischen

De Sekretär,
Marco Haas

